

## E Plaidoyer fir d'Léift

Véier Chorallen hunn hire gemeinsame Concert „That's Amore“ presentéiert

**Biekerech.** D'Léift an all hire Variatiounen musikalesch duerstellen, dat hate sech d'Choralle vu Biekerech, Kolmar-Bierg, Réiden a Viichten dést Joer virgeholl, an hir Gemeinschaftsaarbecht ass zweemol zur Opféierung komm. Eemol zu Kolmar-Bierg an déi Woch drop zu Biekerech, ënner dem Motto „That's Amore“.

Ënner der Direktioun vum Henri Bissen, dee selwer duerch de Programm gefouert huet, hunn déi véier Chorallen hirem Publikum e Repertoire vu bekannten a beléifte Lidder offréiert, Lidder, déi erzielt hu vu Léift voller Leidenschaft, vu Léift zur Heemecht, Natur, Musek an Danz, an och vu verluerener a vergiessener Léift. Melodie wéi „That's Amore“, „Can't



De Concert gouf zu Kolmar-Bierg an zu Biekerech opgefouert.

help falling in love“, „Tulpen aus Amsterdam“, „Rote Lippen“ oder „You raise me up“ schwätze fir sech a si vun engem begeeschterte

Publikum mat verdingtem Applaus belount ginn. Eng musikalesch Beräicherung war all Kéier d'Begleedung duerch den Orches-

ter Maurizio Spiridigliozzi, mam Maurizio selwer um Akkordeon, dem Kae Shikari um Piano, dem Vania Lecuit op der Violine an dem

Sergio Tordini op der Gittar. Déi véier professionell Museker hu meeschterhaft en harmonescht Zesummespill vu Gesank an Instrumenter gebueden an hunn domat souwuel zu Kolmar-Bierg wéi och zu Biekerech fir e puer onvergesslech Stonne gesuert. Als Merci fir de groussen Applaus vum Publikum an als Kompliment un all Dammen an de vollbesate Säll hu Museker, Sängerinnen a Sänger mat „Toutes les femmes sont belles“ fir e perfektem Ofschluss vun hirem Plaidoyer fir d'Léift gesuert an domat bewisen, dass een a komerodschaftlecher Zesummenaarbecht Grousses kann errechen.

Marie-Paule Schaus  
via mywort.lu

## Auf Safari mit dem Förster

Erlebnisreiches Sommerfest für die Bewohner des Seniorenheims Sanatorium

**Vianden.** Anlässlich des 20. Jubiläums von Servior verwandelten sich die Grünflächen des Sanatoriums in einen kleinen Bauernhof. Pferde, Schafe, Hühner und Hunde begrüßten die Gäste bereits in der Allee, die zum monumentalen Gebäude führt.

Und das aus gutem Grund: Als direkter Nachbar des Servior-Hauses gaben Förster François Rodesch und seine Mitarbeiter den Besuchern ungeahnte Einblicke in die Biodiversität im Naturpark Our sowie in die Arbeiten der Forstverwaltung. Dass der Forstdienst in den Steilhängen kein leichtes Unterfangen ist, konnte man während einer kommentierten Rundfahrt in einem safarähnlichen Mobil durch die Wälder rund um das Sanatorium erleben. Dank des geräumigen Wagens war es auch möglich, Seniorenheimbewohner im Rollstuhl das Naturschauspiel



Man fühle sich wie in Italien auf einer Piazza, so der Tenor der Bewohner.

- Panoramablick auf die Our inklusive - näherzubringen. Erklärungen zu den Fichtenbeständen und Baumarten gab es gratis dazu. Parallel wurde gezeigt, wie Pferdekraft bis heute in einer nachhaltigen Forstwirtschaft eingesetzt wird. Die prächtigen Pferde

zogen staunende Blicke der großen wie kleinen Besucher auf sich. Parallel wurden Kutschenfahrten auf dem bewaldeten Areal angeboten. Epizentrum des Sommerfestes war die großzügige Terrasse vor dem 1931 errichteten Sanatorium.

Unter den stolzen Platanen hatten sich die Bewohner, Familien und Freunde des Pflegeheims eingefunden, um bei Speis und Trank ein Stück „dolce far niente“ zu genießen - oder wie es treffend eine 83-jährige Bewohnerin sagte: „Man glaubt, man würde auf einer itali-

enischen Piazza sitzen“. Farbenfroh ging es auf der Terrasse zu mit Konzerten der Léiler Musik und des Ein-Mann-Orchesters Jeannot Conter sowie mit Tanzeinlagen einer Kindergruppe aus Körperich. Für das leibliche Wohl sorgten die Mitarbeiter des Hauses. Dank der guten Zusammenarbeit zwischen dem Personal des Sanatoriums, den Mitgliedern des Fördervereins und der ortsansässigen Forstverwaltung war es möglich, den Bewohnern und ihren Besuchern unbeschwerte Stunden inmitten der Viandener Sommerfrische zu bescheren. Direktionsbeauftragte Katja Hermes-Steffen zeigte sich hoch erfreut über die vielen Besucher und bedankte sich bei allen, die mit viel Herzblut zum Erfolg des Sommerfestes beigetragen haben.

Servior Den Alter liewen  
via mywort.lu

## Teatime mat engleschsproocheger Musik

Galaconcert vun der Miedernacher Musik ënner dem Motto „Let it be“



Nei war, dass de Concert ëm 17 Auer ugefaangen huet, wat gutt beim Publikum ukomm ass.

**Miedernach.** Dést Joer stoung de Galaconcert vun der Miedernacher Musik ënner dem Titel „Let it be“.

Den Dirigent Georges Antony hat ee flotten, ofwiesslungsräiche Programm ronderëm d'engleschsproocheg Musik zesummegehallt. Nei war des Kéier, dass de Concert sonndegmëttes ëm 17 Auer ugefaangen huet, wat nawell ganz gutt beim Publikum ukomm ass, et hunn nach missen zousätzlech Still operéiert ginn. Um Programm stoung ënner anerem Mu-

sik vu Gustav Holst, Ron Hardiman, Linda a Paul McCartney, Philip Sparke, Coldplay, The Police, Andrew Lloyd Webber a Queen. Als Soliste sinn de René Alf op der Trompett, souwéi de Marc Mollitor an de Bob Welter um Euphonium opgetrueden.

Highlight vum Concert war dem Marc Mollitor säin Euphonium-Solo „Brillante“, eng Fantaisie op „Rule Britannia“.

Beim Bäitrag vum Jugendensemble „Selections from Tarzan“ hunn net nëmme d'Nowuessta-

lenter op den Instrumenter hiert Beschtt ginn, mee och um Dirigentepult, huet d'Magaly Da Silva Ferreira säin éischte Concert als Dirigentin vum Miedernacher Jugendensemble mat Bravour gemeeschtert.

Nodeems de Galaconcert mat zwou Zugaben op en Enn goug, gouf den hongerege Gäscht a Musikanten traditionell Fish and Chips oder säfteg Burger vum Angusbéischt zerwéiert.

Guy Wiesen via mywort.lu

www.fanfaremiedernach.lu

## Preisüberreichung des „Vëlosdag am Kanton Clärréf“



**Weiswampach.** Vor Kurzem fand die Preisüberreichung der 13. Ausgabe des „Vëlosdag am Kanton Clärréf“ statt. Beim Vëlosdag gehörte die Strecke von rund elf Kilometern exklusiv den Radfahrern, Läufern, Fußgängern, Rollstuhlfahrern und Inlineskatern, die von Clerf nach Weiswampach, oder von Weiswampach nach Clerf führte. Die Teilnahme war gratis; jeder Beteiligte nahm an einer Verlosung teil. Die 13 Gewinne für Kinder und 17 Gewinne für Erwachsene wurden kürzlich im Rathaus von Weiswampach an die Gewinner überreicht. Die nächste Ausgabe des Vëlosdag am Kanton Clärréf findet am 17. Mai 2020 statt.

Alice Enders via mywort.lu